

Diskussionsbeitrag vun der Naturschoul

D'Décisioun, Kanner nees a Schoulen ze versammelen, sollt vun alle Säite beliicht ginn, fir dass se herno vun alle Bedeelegte gedroe ka ginn.

Mat grousem Respekt virun den Efforten, di MEN, Directionen, Comitéën an Enseignantinnen bis lo scho geleescht hunn, giffe mer gär als Naturschoul Lasauvage eis Iwwerleeungen an d'Ausschaffe vun der Exit-Strategi fir d'Schoulen abrénge.

Mär mengen et wäer wichteg Kanner, déi zu Déifferdeng a Péiteng elo wochelaang doheem an engem Appartement oder op enkem Raum blockéiert waren, d'Geleenheet ze ginn, och erëm an d'Natur ze goen - an do ze léieren. Wa schon de Confinement anscheinend opgebrach muss ginn, da sollt iwwerluet ginn, ob Schoul dobaussen net oft méi bréngt, wéi am Sall ze setzen. Dës Optioun hu mär nach net an de bisheregen Erklärungen a Rapporte fonnt.

Um **sanitäre** Plang:

Kann et net méi einfach sinn, d'Kanner dobaussen op Sécherheetsdistanz ze halen wéi am Schoulgebai? D'Ustiechung duerch Aérosolen am Schoulgebai ass als Risiko net ausgeschloss. Op d'Toilette goen ass eng weider Gefor. Ass am klengen Grupp eraus goen a sech am Bësch oder op enger Wiss an ee grouse Kreess setzen net méi sécher fir d'Kanner an d'Enseignantinnen? Ass ee Grupp Kanner - mat Masken an Desinfektionsgel ausgerüst- ze Fous an der Natur vläit awer méi sécher ënnerwee, wéi confinéiert op enkem Raum am Sall?

“Your chances of catching the virus when you go outdoors is extremely low, provided you’re keeping a safe distance from others.(...) “Firstly, any infectious droplets exhaled outside would be quickly diluted in outdoor air, so their concentrations would quickly become insignificant,” Dr. Morawska said. “In addition, the stability of the virus outside is significantly shorter than inside. “ IN: New York Times, 17.Abrëll 2020

Do wäer et gutt, wann Epidemiologen eis ganz konkret Äntwerte ginn.

Um **pädagogesche** Plang

All Enseignant weess, dass Schoul dobannen, och nach um Stull gepescht, iwwert 5 Stonnen eppes Onméiglech ass. Wéi eng Moyenen hu mer, fir di néideg Disziplin an Opmierksamkeit noutfalls ze erzwingen?

Op där anerer Säit gesi mer och d'Gefor, dass didaktesch Prinzipien op eemol net méi gëllen. Et ass net méiglech, Wëssen duerch en Triichter an de Kapp vum Kand eranzeschëdden, an nach manner méiglech ass et, den Triichter einfach méi grouss ze man (5 Stonne Schoul beieneen, nëmme Sproochen a Mathé) fir dass d'Kanner méi léieren. Wat bréngt dem Kand méi? Dat 10. Oarbeitsblatt zu der phrase interrogative négative avec inversion du sujet? Oder e Rallye duerch d'Natur, wou Kanner Froe liesen an Äntwerte schreiwen? Am Sall um Stull setze mat Mask an den Aufsatz „Mein schönstes Ferienerlebnis“ schreiwen? Oder um Ratterem zesammen eng Geschicht erfannen, e Lidd sangen an e Gedicht iwwert d'Natur auswennege léieren? En Oarbeitsblatt zu „Das Buschwindröschen im Frühling“? Oder en Tour duerch de Bësch, wou mer d'Blumme plécken, mam Buch bestëmmen an am Zeitungspobeier dréchnen, fir doheem en Herbarium ze man, deen an der Video-Konferenz gewise gëtt?